“Luxemburger Wort”

11.11.2023

**E puer Iwwerleeungen zur Angscht virun der Diversitéit am Schoulwiesen**

Lieserbréif vum Siggy Koenig

# E puer Iwwerleeungen zur Angscht virun der Diversitéit am Schoulwiesen

## D’Alphabetiséierung op franséisch ass net den Ufank vum Ënn, seet den Auteur

Siggy Koenig,
Lëtzebuerg

Wärend der Walcampagne hunn all d’Parteien hir Vuen iwwert d’Schoul zum Beschte ginn. Oft goung et éischter drëms, d’Gesellschaft nees riicht ze béien. So gouf zum Beispill d’Méiglechkeet fir Elteren, hiert d’Kand an der franséischer Sprooch anzeschoulen, staark kritiséiert a sollt gebremst oder réckgängeg gemaach ginn. Wann eng Partie Kanner op franséisch géife liesen a schreiwe léieren, wär et eriwwer mat der Schoul, an där all eis Kanner zesummen opwuessen.

Dat ass längst de Fall an de Klasse vum Garer Quartier an um Cents an der Stad, an um Dellhéicht an och op anere Plazen uertert d’Land. De Ministère hat allerdéngs gemengt, hie kéint d’Donnéeën zu deem Sujet net liwweren.

Am Secondaire, wann d’Kanner ufänken erauszefannen, wat hier Identitéit ass, si Lëtzebuerger an net-Lëtzebuerger nach méi staark getrennt: 28,5 % net-Lëtzebuerger am Secondaire classique, awer 45,8 % am Secondaire technique. Um Kierchbierg, wou all déi Jugendlech, déi nei an d’Land komm sinn, wäit ewech geparkt ginn, dierft iwwerhaapt kee Lëtzebuerger Schüler sinn. Wann eng Partie Kanner op franséisch ageschoult ginn, kann dat kaum als den Ufank vun enger Segregatioun gesi ginn.

Et gëtt gemengt, mat enger Reform vum Sproochenunterrecht kéint een alleguerte gerecht ginn. Et sief drun erënnert, dass d’Ministere Fischbach an Delvaux sech dofir ganz staark agesat haten. An awer gesäit een?

Op ville Plazen huet sech net vill geännert: Däitsch gëtt nach ëmmer net als Friemsprooch ënnerriicht an et gëtt nach monter weidergeschafft mat de Fichen, wou Wierder ageféllt musse ginn; dat ass kamoud. Dogéint komme Reforme schwéier un.

Iwwregens, eist Land wär net dat éischt, dat géif Elteren d’Méiglechkeet ginn tëschent Aschoulungssproochen ze wielen. Dat ass de Fall an enger Partie Bréisseler Gemengen, an an etleche Schwäizer Kantonen a Staaten an den USA.

Mat all deene Missiounen, déi der Schoul opgedroe ginn, vergësst een déi eigentlech Aufgab vun der Schoul: d’Kanner liese, schreiwen a rechnen ze léieren. A wann dat an eiser zweeter offizieller Sprooch besser gemaach gëtt, besteet keng Ursaach fir et ze verhënneren.

**... an déi ëffentlech international Schoule och net**

De Bac technique, eng eemoleg Konstruktioun an Europa, gouf 1979 ageféiert. Dat war deemools d’Äntwert op d’Entwécklung vun der Gesellschaft, déi no méi Leit verlaangt huet, déi länger Studie gemaach hätten. An de Secondaire classique konnt oder wollt sech deem net upassen.

Bal zwou Generatioune méi spéit huet eis Gesellschaft nees gewalteg geännert, si ass international ginn a muer besteet eise Secondaire aus dräi Deeler: dem Classique, dem Technique an dem International. De Bac européen, ass also och eng Äntwert, fir méi eng grouss Zuel vun eise Kanner ze qualifizéieren.